N° 6568
Entrée le 28.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.07.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Laut den Aussoen vun der Presidentin vum Planning familial gräifen ëmmer manner Leit bei der Verhütung op Kondomer zréck. E Kondom ass awer net nëmmen e Verhütungsmëttel, e schützt och géint Krankheeten, déi sexuell iwwerdroe ginn, wéi beispillsweis Gonorrhoe, Chlamydien oder Syhiliis. An dem Kontext géing ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Kënnt Dir bestätegen, dat d'Fallzuelen bei de Krankheeten, déi sexuell iwwerdroe ginn, klammen?
    - Wa jo, ëm wat fir Krankheeten handelt et sech?
    - Wéi gesäit d'Entwécklung bei den eenzelen Krankheeten an de leschte 5 Joer aus?
    - Wat fir Alterskategorien vu Leit sinn am heefegste betraff?
    - Wat wëllt d'Regierung géint dës Entwécklung maachen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

.

Nancy Arendt, épouse Kemp

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6568 vum 28. Juli 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt.**

- ***Kënnt Dir bestätegen, dat d'Fallzuelen bei de Krankheeten, déi sexuell iwwerdroe ginn, klammen?***

- ***Wa jo, ëm wat fir Krankheeten handelt et sech?***

D'Hausse vun den Fallzuelen vun verschiddenen sexuell iwwerdrobaren Krankheeten ass manner op eng exponentiell Hausse vun Fäll zeréckzeféieren, mee vill méi op en neit Gesetz datt eng Meldepflicht vun dësen Krankheeten virgesäit.

Den 1. Januar 2019 ass d' Gesetz iwwer déi obligatoresch d'Deklaratioun vun verschidden ustiechenden Krankheeten an Kraaft getrueden (Loi du 1er août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique) dat säitdem eng duebel Meldepflicht vun verschiddenen Krankheeten virgesäit. Soumat gëtt een Deel vun den Krankheeten weiderhin vum behandelnden Dokter deklaréiert, en aneren Deel gëtt säitdem awer och direkt iwwert d'Laboratoiren bei der Gesondheetsdirektioun deklaréiert. Verschidden Krankheeten ginn iwwerdeems esouwuel vum Dokter wéi och vum Laboratoire deklaréiert. De Virdeel vun esou engem duebelen System, deen och an de meeschten aneren EU-Länner besteet, ass eng besser Exhaustivitéit vun den Deklaratiounen, besonnesch well d'Laboratoiresresultater all digitaliséiert sinn an esou méi einfach kënnen iwwermëttelt ginn.

Iwwert dësen elektroneschen System mëllen d'Laboratoiren, no enger Testphase, säit Januar 2020 och déi sexuell iwwerdrobar Krankheeten sou dat säitdem effektiv vill méi sexuell iwwerdrobar Krankheeten deklaréiert ginn sinn. D'Hausse vun den deklaréierten sexuell iwwerdrobaren Krankheeten säit 2020 well soumat net heeschen, dass et säitdem vill méi Krankheetsfäll ginn, mee ass vill méi op den virrecht genannten neien System zeréckzeféieren deen et obligatoresch mécht dësen Typ un Krankheeten ze mellen. Dësen Changement am Reporting mécht et doriwwer eraus och onméiglech d'Zuelen vun deenen leschten 5 Joer ze vergläichen.

D'Zuelen vun den dräi heefegsten sexuell iwwerdrobaren Krankheeten (Gonorrhée, Chlamydiose an Syphilis) zu Lëtzebuerg vun 2017 bis 2021 si resüméiert am folgenden Tableau:


| | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|
| Gonorrhée | 12 | 15 | 24 | 311 | 417 |
| Chlamydiose | 39 | 36 | 47 | 1003 | 1136 |
| Syphilis | 26 | 103 | 51 | 198 | 198 |

Effektiv gesäit een datt ab 2020 d'Zuelen bei deenen dräi Krankheeten staark an d'Luucht gaangen sinn, dëst ass awer wéi gesot virun allem op déi obligatoresch Meldepflicht zeréckzeféieren an manner op eng exponentiell Hausse vun Fäll.

**- *Wéi gesäit d'Entwécklung bei den eenzelnen Krankheeten an de leschte 5 Joer aus?***

Zënter dem Benotzen vun der neier Meldeplatform (Januar 2020) kann een iwwerdeems och keen signifikanten Trend no uewen oder no ënnen feststellen, wéi den folgenden Tableau opschlësselt. Am Abrëll 2020 gesäit een eng Baisse vun Deklaratiounen, déi op den deemolegen Lockdown vun der COVID-19 Pandemie zeréck ze féieren ass.

Och bei aneren sexuell iwwerdrobaren Krankheeten wéi den HIV oder d'viral Hepatiten gëtt et keen Trend no uewen.




**- *Wat fir Alterskategorien vun Leit sinn am heefegste betraff?***

Am meeschten betraff vun den dräi genannten Krankheeten sinn Persounen tëschent 25 an 44 Joer. Un zweeter Stëll kommen Persounen tëschent 15 an 24 Joer.

**- *Waat wëllt d'Regierung géint dës Entwécklung maachen?***

D'Populatioun muss weiderhin iwwer d'Preventiounsmoossnamen mam Fokus op d'Benotzen vun engem Kondom bei sexuellen Relatiounen informéiert ginn. D'Gesondheetsdirektioun setzt sech aktiv mat sengen Partner vum Terrain dofir an fir datt dës Moosnaamen sou gutt wéi méiglech beim groussen Public verënnerlecht ginn an ënnerstëtzt och d'Gratisverdeelung vun Kondomer bei verschiddenen Manifestatiounen. Eng Entrevue ass iwwerdeems mam Planning Familial am September geplangt fir ënner anerem den Point iwwer d'Sensibilisatiounsarbecht an dësem Beräich ze maachen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Parallel dozou muss weiderhin op engem héijen Niveau dépistéiert ginn fir dass déi eenzel Krankheeten schnell detektéiert kënnen ginn an dann och deementspriechend behandelt kënnen ginn. Dozou sief gesot datt déi obligatoresch Déclaratioun déi et säit zwee Joer fir déi sexuell iwwerdrobar Krankheeten gëtt et virun allem erlaabt en bessert Bild vun der Entwécklung vun den Fäll zu Lëtzebuerg ze hunn an soumat méi cibléiert Sensibilisatiounsaktiounen en Place ze setzen.

Lëtzebuerg, den 24. August 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert